# 20 SAACHEN

## DÉI S DU VLÄICHT NACH NET IWWERT D'SPROOCHE VUN EUROPA WOSST

**D'SILBO-SPROOCH**
ass eng ural Päifsprooch, déi an de Schoulen op der spuenescher Insel La Gomera nach ëmmer ënnerriicht gëtt.

---

**MALTESESCH**
ass déi eenzeg europäesch Sprooch, déi zur afroasiatescher Sproochefamill gehéiert (aus där och Arabesch an Hebräesch stamen).

Luat egenr Sidtue sllipt et kneg Rlol, a wéi egenr Rifeoelelg d'Bahscweutn an egenm Wreut sitnn. Wchietg ass nmëmen, dsas sceh den échsietn an de lsehcte Bahscutw op der rtieghcer Palz bfaenenn. Dat liät duorn, dsas mir net all ezlenee Bahscutw fir sceh lesein, mee d'Wreut als Gnazt.

---

**EUSKARA**,
déi baskesch Sprooch, gëlt als eng vun den eelsten europäesche Sproochen. Hiren Ursprong ass onbekannt.

---



Russesch war déi éischt Sprooch, déi **AM WELTALL** geschwat gouf.

---

**LITAUESCH**
ass dem ale Sanskrit immens änlech an ass déi eelst geschwaten indogermanesch Sprooch.

---

Et gëtt ugeholl, dass virun ongeféier
**70.000 JOREN**
eng Verännerung am mënschleche Gehir stattfonnt huet, déi et dem Mënsch op eemol erméiglecht huet, sech Gedanken iwwert Saachen ze maachen, déi net onmëttelbar siichtbar sinn. Dëst huet zur Fäegkeet gefouert, Iddien, Pläng, Iwwerzeegungen a gréisser Konzepter ze entwéckelen an dës mat Sprooch auszedrécken.

**WWW.COE.INT/EDL** **#COEEDL**

Méi wéi d'Hallschent vun allen Europäer/ Europäerinnen ass
**MÉISPROOCHEG**.

---

Eng Sprooch ëmfaasst ronn
**50.000**
oder méi Wierder.
Mammesproochler/Mammesproochlerinne kennen tëschent
**15.000 – 20.000**
Wierder.
Am Alldag benotze mir awer normalerweis nëmmen e puer honnert.

---

An Europa ginn et ongeféier
**225 INDIGÈNE SPROOCHEN**
- dat sinn ongeféier 3% vun alle Sproochen op der Welt.

---

αβγδε

Du kanns scho méi Griichesch wéi s de mengs. Du kenns sécher Alpha, Beta, Delta, Gamma a vläicht och π a P. Vill Begréffer, déi an der Mathematik, Astronomie, Biologie, Geografie, Technik, Philosophie, Politik an Demokratie gebräichlech sinn, hunn hiren Ursprong am Griicheschen.

---

ř

**SCHWÉIER AUSZESCHWÄTZEN?**
Den tschechesche Buschtaw ř gëlt als ee vun de schwéierste Buschtawen a puncto Aussprooch op der Welt – et sief dann, et ass een Tschech oder Tschechin!

---



**D'EUROPÄESCH CHARTA VUN DE REGIONAL – ODER MINORITÉITSPROOCHEN**
vum Europarot ass den eenzege Vertrag op der Welt, deen de Schutz an d'Förderung vu geschichtlech gewuessene Regional- a Minoritéitssproochen als Zil huet.

D'Sproochen, déi vun de meeschte Mënschen an Europa als Mammesprooch geschwat ginn, si Russesch, Däitsch, Franséisch, Englesch an Tierkesch – an dëser Reiefolleg.




---

Eng vun de wichtegste serbesche Orthografiesreegelen ass
**„SCHREIF WÉI S DE SCHWÄTZ A LIES WÉI ET GESCHRIWWE STEET"**.
Dat heescht, dass souguer Eegennimm aus anere Sproochen an d'Serbescht jee no Aussprooch transkribéiert ginn: New York gëtt Njujork, a Gérard Depardieu gëtt Žerar Depardje.

---

Méi wéi
**200 KËNSTLECH SPROOCHE** goufe fir Literatur a Filmer erfonnt (z.B. Elbesch fir „Herr der Ringe" a „Klingonesch" fir „Raumschiff Enterprise").

Nei Studien hu gewisen, dass d'Léiere vun enger zweeter Sprooch den Ufank vun enger **DEMENZERKRANKUNG** ëm e puer Joer verzögere kann.

**INDO-GERMANESCH SPROOCHEN**
stame vun enger aler Sprooch of, déi viru 4000-5000 Joer existéiert huet. Déi meescht Sproochethnologen*Sproochethnologinne féiere se op mënschlech Kulturen zeréck, déi am Gebitt vum Kaspesche Mier gelieft hunn. Vun do aus huet si sech bis an Europa an an Indie verbreet.

---

Laut UNESCO sinn op d'mannst
**43%**
vun de schätzungsweis 6000 geschwate Sproochen op der Welt
**VUM AUSSTIERWE BEDROT**.

---

**KINSHASA**,
d'Haptstad vun der D.R. Kongo, ass déi zweetgréisst franséischsproocheg Stad op der Welt, no Paräis a viru Montréal a Bréissel.

**26. September**
20 Joer Europäeschen Dag vun de Sproochen

EUROPEAN CENTRE FOR MODERN LANGUAGES
CENTRE EUROPEEN POUR LES LANGUES VIVANTES

COUNCIL OF EUROPE
CONSEIL DE L'EUROPE